

REÇU
Par Aiff Christian, 17:16, 18/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz 2021 gouf d'Madame Minister mat folgender Wierder op RTL.lu zitéiert: „Et muss een dës awer an de Kontext vu Lëtzebuerg setzen. Mir si ganz international opgestallt an hu vill Leit déi vun hannert der Grenz op Lëtzebuerg kommen. Wéini kennt een an eng preventiv Detention? Dat ass wann eng Gravitéit vun engem Fait virleit an wann e Risk besteet, datt eng Fluchtgefor do ass. Déi gëtt presuméiert wann ee net zu Lëtzebuerg wunnt. Da muss een och wëssen, datt d'halschent vun de Leit déi zu Schrasseg sinn, net Residenten zu Lëtzebuerg sinn. An déi Zuele kann een och ongeféier fir d'Untersuchungshaft bestätegen.“

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Minister:

- 1) A wéi enge Länner haten déi verschidden aktuell Gefaangenen hire leschte Wunnsätz? Kann d'Madamm Minister dozou eng Tabell dozou presentéieren?
- 2) Wéi vill Persounen, déi zu Lëtzebuerg verurteelt gi sinn, setzen aktuell hir Strof an engem Prisong am Ausland of? Wéi vill Persounen déi am Ausland verurteelt gi sinn, setzen aktuell hir Strof an engem Prisong zu Lëtzebuerg of?
- 3) Wéi ass déi aktuell Zesummesetzung pro Nationalitéit vun de Gefaangenen zu Lëtzebuerg? Kann d'Madamm Ministesch och dozou eng Tabell presentéieren?
- 4) Wéi eng Schwierigkeeten oder Erausforderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Halschent vun de Gefaangenen aus dem Ausland kommen?
- 5) Wéi eng Schwierigkeeten oder Erausforderungen erginn sech aus dem Fakt dass d'Populatioun vum Prisong ganz divers ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 19 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3885 du 18.03.2021 de Monsieur le Député Fred Keup -
Détenus non-résidents

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés